N°1356
Entrée le 14.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.10.2024
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 14. Oktober 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Dem Rapport d'évaluation iwwert d'*Prise en charge des élèves à besoins spécifiques* vun 2022 no, gi manner wéi 1% vun alle Schüler:inne hei zu Lëtzebuerg an engem Kompetenzzenter oder am Ausland scolariséiert. Generell, kommunizéiert den Educatiounsministère just punktuell méi detailléiert Zuelen zu de Schüler:innen déi en Dossier bei der nationaler Inclusiounskommissioun (CNI) hunn esou wéi iwwert d'Personal, dat an dësem Beräich schafft. Dobäi spill déi systematesch Erhiewung vun Donnéeën eng immens wichteg Roll fir den Enseignement vun alle Kanner ze verbesseren.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:

- Wéi vill Schüler:innen hunn aktuell en Dossier bei der CNI?
- Wéi vill Schüler:inne ginn aktuell vu wéi engem Kompetenzzenter oder enger Antenn vun engem Kompetenzzenter beschoult oder begleet?
- Wéi vill Schüler:inne sinn aktuell am Ausland scolariséiert oder encadréiert?
- Wéi vill Schüler:inne mat Besoin spécifique ginn aktuell ganz an der Reegelschoul beschoult, wéi vill deels an der Reegelschoul an deels enzwousch anescht a profitéiere vun enger spezialiséierter ambulanter Interventioun, a wéi vill ganz ausserhalb vun der Reegelschoul?
- Wéi vill Schüler:innen hunn eng eent-zu-eent-Betreiung an der Reegelschoul?
- Wéi vill Schüler:inne sinn op der Waardeléscht vun engem Kompetenzzenter? Ëm wéi eng Kompetenzzentren handelt et sech?
- Wéi vill spezialiséiert Enseignantë fir Schüler:inne mat spezifesche Besoinen (I-EBS) ginn et aktuell a wéi vill I-EBS si fir dës Rentrée nei rekrutéiert ginn? Ass et méiglech dës Donnéeë ventiléiert no Etablissement an deem d'I-EBS schaffen unzeginn?
- Wéi vill Assistent:inne fir Schüler:inne mat spezifesche Besoinen (A-EBS) ginn et aktuell a wéi vill A-EBS si fir dës Rentrée rekrutéiert ginn? Ass et méiglech dës Donnéeë ventiléiert no Etablissement an deem d'A-EBS schaffen unzeginn?
- Wéi eng Donnéeë ginn am Beräich vun der Inklusioun systematesch dokumentéiert an opbereet? Zanter wéini ginn dës Donnéeë jeeweils dokumentéiert?
- Wéi fonctionéieren aktuell d'Zesummenaarbecht an den Austausch tëschent de Kompetenzzentren? Wéi eng Prozedure sinn do virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu